

PURrismus... oder POURRismus?

vum Lex Roth

Kuckt gutt: Nëmmen 2 Bustawen Ënnerscheid, ower déi hunn et an sech! Am Lëtzebuergesche kënnen mir den zweeten Ausdrock (Pourrismus) och mat enger Partie Verben an deem Sënn ëmschreiwen: verbellen, vermuuschten, verdierwen, vermëfferen, ermëlzen, zermujelen, zerknujelen, verhondsen asw... esouguer e ganz 'aalt fir an de Musée', an zwar *verfomfachen*. © Eis lechternocher Frënn missten dat nach bal kennen.

Emol anescht gekuckt: Wat waren all déi, déi als Resistenzler am Krich de Kapp fir eist Land dohinnergehal hunn, verhaft, gepéngelt an esouguer ëmbruecht gi sinn: **Nationalisten?**

Wat sinn déi, déi op engem Match oder bei enger Course hir Begeeschterung mat engem rout-wäiss-bloen oder Léiwefändel friddlech weisen: **Nationalisten?**

Wéi ginn dann zugudderlescht déijéineg veruuzt, déi zënter Joer an Dag op eis Sprooch halen an sech fir si asetzen: natierlech **puristesche Nationalisten!**

Quatsch!

Wat war dann den Thomas Mann, wat den Heinrich Böll, wat den Albert Camus, de François Mauriac, de George-B. Shaw, de James Joyce an honnerte vu geniale Schrëftsteller an alle Sproochen hei rondrëm: **Sprooch-Puristen!** All Sproocheproof, deen op eng gewieweg a 'richteg' Sprooch hält, ass deemno jo och e klengkarréierte... Purist.

Bei äis: de Michel Rodange, den Tit Schroeder, de Marcel Reuland, de Robert Bruch, de Paul Noesen, de Joseph Hess, de Pir Kremer, de Pol Pütz, de Paul Greisch, d'Janine Theis, de Fernand Lorange asw... **waren a sinn dat elo Puristen oder net?**

Weider: Wat sinn eis Schreif-Journalisten, déi op en uerdentlech Däitsch, en éierbart Franséisch, e proppert Englesch, esouguer en zerguttstert Lëtzebuergesch halen? **Puristen!**

Muss een esou en iste-Stempel op d'Stier kréien, wann een op eng engermosse gutt Sprooch hält? Wat ass esou schlecht oder topeg drun, d'Lëtzebuergesch net mat egal wat, egal vu wem an egal wou a wéi muttwëlles verhondsen ze loosse.

Setzt emol am Frankräich **ee vrun de Mikro** (oder an eng Zeitungsredaktioun), deen aplaz normal-éierbart Franséisch e Gehäck 'queesch duerch den Hexagone' schwätzt oder schreift... deen däerf ganz séier 'trëppelen'! Wat giff passéieren, wann en esou e 'Multikuddelflecki' geng zumbeschte ginn: Eraus! Datselwecht an der BBC, bei RTB oder dem ARD... just bei äis, do ass et scho bal eng Auszeechnung, wann een e Lëtzebuergesch schwätzt wéi e 'Vizmates' oder en 'Heckenegalwat'.

An deem Sënn: **Léiwier Purist**, also fir eng propper Sprooch, **wéi Pourrist**, deem seng Sprooch éischer op e Kompostkoup hannenaus am Gaart, wann net esouguer op eng Mëschtekaul gehéiert.

e Stouss

Natierlech hu mir dat Verb an de Substantiv 'stoussen/Stouss' an deerselwechter Bedeitung wéi am Däitschen. Dogéint ass glat näischt ze knadderen. Da sot ower engem 'do iwwer', hie soll sech 'einen Stoss geben'... dee kuckt grouss aus der Wäsch, well dat gëtt et nëmmen esou am Lëtzebuergeschen, grad ewéi den Ausdrock 'Stoussnéckel' net eeriicht an d'Däitscht eriwwer ze kréien ass. Wie weess nach, datt eng Schuppkar an der Zäit och nach 'Stousskar' genannt guff? Wéi steet et mat der Ausdrocksweis: 'ech hu mech gestouss', am Sënn vu 'géiert', vläicht esouguer 'vertrëppelt'? Alles net wichteg, gelldir. Dajee alt. Mä huet dir iech iwverhaapt ewell gefrot, wat dann an iergendenger Sprooch wichteg ass?

ACTION LËTZEBUGESCH – Generalversammlung

e Samschdeg, den 10. Abrëll, mëttes um 3 Auer,
'am Dierfgen' an der Stad / Nordstrooss, 6 (Casinosgaass)
steet eise Comité de Membren a Frënn Ried an Äntwert.

Wat war am leschte Joer lass? Wat hu mir wëlles?
Mir freeën äis op iech alleguer, grad ewéi op all är Meenungen, Iddien a Froen!

Emäischen! Äddi Éimäischen?

Eng vun den eelsten Traditiounen ass fir vill Kanner vu gëschta Leit vun haut a mar, dee sympatheschen Ouschterméindeng an der Stad. Ausgerechent och nach do – **vum Fëschmaart bis erof op de 'Bock'** – wou mam Sigfrid am Joer 963 d'Geschicht vum historesch klor 'aktéierte' Lëtzebuerg ufänkt.

D'Éimäischen ass souzesoen deen **éischte grouse folkloristesche Feiertag am Joer**, deen dausende vu Leit kucken a genéisse ginn. Datt den Numm vun de 'Jünger vun Emmaus' hierkënn, wëssen déi allermeescht vun äis... mä d'Stad Lëtzebuerg schéngt Krämpes domat ze hunn, fir äis dat schrëftlech op enger (ganz schéiner) Plakat richteg geschriwwen matzedelen. Kuckt emol den Ënnerscheid hei an der Iwwerschrëft: Da mussen mir alt nach op Nouspelt bäilëiere goen.

De sougenannten 'Émlaut' vun engem 'AU' ass nun emol 'AI': Maus – Mäuschen, Haus – Häuschen, Laus – Laischen, Strauss – Straissschen, Knaus – Knäuschen... net wichteg? Mä da schreift emol zu Paräis 'Marré' fir de 'Marais', zu London 'Pickadilli' an zu Bréissel 'Meneqe Pice'. ©

Ceterum censeo... (39)

Natierlech kann een deene Leit (eisen Deputéierten) op d'Strëmp goen, déi well joerelaang d'Fro vun eiser Sprooch an der Verfassung 'dohinnergeplättelt' kréien... wat e flotte lëtzebuergeschen Ausdrock, gelldir. Et wier dach esou einfach, fir si a besonnesch fir de Schreiwert, wann **d'Lëtzebuergesch logescherweis ouni Kéier a Krëmmel als d'Sprooch vum Grand-Duché an eis Constitutioun** stoen kéim; d'Nummer vum Artikel spillt keng grouss Roll.

Mir si jo elo gewuer ginn, datt **d'Madame Schoulministesch Mady Delvaux-Stehres** drop gehal huet, dem Lëtzebuergeschen an der Praxis vun der Grondschoul a vum Secondaire eng bestëmmte Roll ze ginn, an zwar, datt de Gebrauch vun eiser Sprooch och a Fächer zum Deel erlaabt ass, wou dat bis elo en 'Tabou' war. Merci. Och wann dat elo kee Gesetz ass, da wësse mir ower, datt esou Reglementéierungen e seriöse legale Fong hunn!

Ass et dann elo nach ëmmer 'dolaanscht', wa mir zënter Joere verlaangen, datt eis Sprooch einfach als **'langue du Grand-Duché' soll däitlech 'et sans équivoque'** an eisem Grondgesetz figuréieren; dat natierlech net, ouni datt aner Sproochen do verstänneg erimmt kënnen sinn. Mir erënnere an deem Zesammenhank un d'Sproochegesetz vun 1984, un d'Lëtzebuergesch beim Nationalitéitsgesetz, deem vun den allgemenge Coursen an der Legislatioun iwver den 'Institut de langues'. Et wier also nëmmen eng Fro vu Konsequenz.

KlackeWÉIH... abeejo!

An eiser Schreifweis gëtt et ee ganz einfache Prinzip: de Bustaw 'H', dee mir jo am Däitsche vill matzen an de Wieder fannen, ouni datt een en héiert (Wahl, Weiher, Reiher, weihen asw.) gëtt am Lëtzebuergeschen nëmme geschriwwen, wann en och ausgeschwat gëtt, also ze héieren ass.

Eng *Ausnahm* ass – aus pädagogesche Grënn – do am Lëtzebuergesche virgesinn, wou den 'H' am Däitsche gebraucht gëtt, fir den e-Laut oder en anere Vokal ze verlängeren (Dehnungs-H), z. B. *fehlen, dehnen*... soss maache mir eis Kanner beim Däitsch-Schreiwé wibbelbänzeg. Iwregens soll een net ze kriddeleg mat esou Reglereie sinn, soss kréien déi d'Flemm, déi eventuell éierleche Spaass mam Schreiwé hunn.

An deem Sënn, a grad giedeleg fir en Ouschtersamschdeg, krut ech eng Photo vu Kollege geschéckt, wou (2006) virun enger Kierch eng grouss 'banderole' an déck-fetter Schrëft eng feierlech KLACKEWÉIH ukënnegt, aua, utsch!... dir kënnst iech denken, datt dat och eng Geleeënheet fir en hannerwännege Witz ass... deen net grad op e Kommiounsdësch passt. ©

EISES...

Mat laangen a komplizéierte **Fach-Explikatiounen, z. B. iwver de Sazbau (Syntax), bréngt een eiser Sprooch nëmmen eppes fir Leit, déi sech 'fachlech' wëllen domat auserneezen**... wat dat och ëmmer heesche soll. D'Lëtzebuergesch brauch vrun allem Hëllef, déi **op d'Praxis ausgeriicht** ass, net nëmmen dréchen Analysen. Do sinn Zeitungsartikelen, Annoncen, Plakaten, perséinlech Schreiwereien, kleng Gedichter (wa méiglech eng Grimmel kauzeg-lëschteng) Gold wert.

Eng aner Stäip ass **déi systematesch Sich an Auswertung vun typesche lëtzebuergeschen Ausdréck an hirem Gebrauch**. Et gëtt an esou ville Fäll einfach net dru geduecht, datt eisen 'Idiom' e ganz spezifische Charakter huet, besonnesch vis-à-vis vum Däitschen. Do wier et flott an onheemlech nützlich, wa mir äis emol giffen druginn a kleng Texter zesummestellen, déi en **däitsche Glach** hunn... ower 50 km bannent der Bundesrepublik vu kengem Mënsch verstane ginn. Iwwersetzt dat hei emol am Martin Walser seng Sprooch: *De Papp war mat sengem Jéngi um Tour. De Krappert huet sech net geschéckt, du krut hien eng geklaakt. Hien huet gerappt, geroost a gejaut, bis datt en eng an der Hauf hat; dunn ass en och nach de laange Wee dohinnergeschlo an hat eng fatzeg Bëls op der Kopp. Déi hat e jo och zegutt, an huet de Bak net méi opgedunn...* ☺☺☺

Eieieiei, dat gutt Gefeiss...

... huet de Frënd Pir Kréimer vum Kachéis gesot, deen iwregens guer net esou nëmme lëtzebuergesch ass. Wat d'Sprooch bei der 'Namminamm' ugeet, hu mir ower maandelweis Ausdréck, déi op eisen Dësch, op den Teller a vrun allem an e Lëtzebuergeschen Menü passen... an déi an eisem Heft **'Actioun-Lëtzebuergesch Extranummer 3'** bei enger Abberzuel vu prakteschem Lëtzebuergesch ze fanne sinn; et ass, a 6. Editioun!, nei iwverschafft a gedréckt. Frot et an de grouse Bicherbutteker, oder bestellt et iwver eng vun eisen Adressen... et kascht nach net emol ee Pak Zigretten!

An deem Zesammenhank da vläicht eng Fro: **Kaafst dir iech en Hame-Bréitchechen oder en Hame-Kichelchen?** Natierlech e Bréitchechen, gelldir. Firwat? Mä well et d'Verklengerung vu 'Brout' ass. De *Kichelchen* ass datselwecht vu 'Kuch'... also sinn d'Streiselen, d'Schleeken, d'Aachtercher, déi esou gutt beim Kaffi schmaachen, och **'Kaffiskichelchen'**... a keng Bréidercher oder 'Mëtschen', well dat ass just en aneren Ausdrock fir 'Bréitchechen'. D'Explikatioun kënnst vun der Form dovun an ass zimlech graff... dir huet et geroden.

Déi *'Aachtchen'* dann. Dat ass eng typesch lëtzebuergesch Saach. D'Verklengerung (Diminutiv) kennen eis Kaartemudderchen och fir aner Zuelen: eng *Zweetchen, Drëttchen, Véiertchen, Fënneftchen, Siwentchen, Aachtchen, Néngtchen, Zéngtchen an Eeleftchen*... hätt dir dat esou geduecht. Eis Sprooch huet méi ewéi der vill mengen!